PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

An de leschten Méint hunn eng ganz Partie Firme mat Sëtz zu Lëtzebuerg virun Phishing Attacke gewarnt. Eng Phishing Attack ass e grouss ugeluechte Versuch, fir un privat Donnéeë vu Persounen ze kommen, andeems een sech als eng Firma oder eng Autoritéit ausgëtt an de Leit Noriichten an där hirem Numm zoukomme léisst.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Phishing Attacke goufen den zoustännegen Autoritéiten an deene leschten 3 Joer gemellt (opgeschlësselt no Joer)?
2. Op wéi vill chiffréieren d'Ministeren de monetäre Schued, deen duerch esou Attacken entstanen ass?
3. Wéi vill Plainte goufen an deem Kontext an deene leschten 3 Joer vu Firmen deposéiert? Wéi vill vu Privatpersounen?
4. A wéi ville Fäll konnten d'Täter bestëmmt ginn?
5. Wat fir Schrëtt wäert d'Regierung ënnerhuelen, fir esou Phishing Attacken an Zukunft besser an de Griff ze kréien? Wéi gëtt hei mat de nationalen Telekommunikatiounsentreprisen zesumme geschafft?
6. Gëtt et hei um europäeschen, respektiv um internationalen Niveau Kollaboratiounen, un deene Lëtzebuerg sech bedeelegt? Wa net, ass geplangt dëst an noer Zukunft ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député